N°7113
Entrée le 03.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

Säit der Rentrée 2018/2019 kënne Schüler*innen an de Lycéeë gratis hir Schoulbicher kréien. D'Schüler kënnen entweder nei Bicher kréien oder Gebrauchtener huelen an da fir 50% vu Wäert vum Buch ee Bong kréien.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune hunn bis elo vun der Offer u Second-hand Bicher gebrauch gemaach an dofir en Akafsbong kritt?
2. Wéi vill huet de Staat fir d'Rentréeën 2021 an 2022 un d'Librairië bezuelt fir déi verschidde Schoulbicher (opgelëscht no Librairie)?
3. Wéi vill Bicher goufe fir d'Rentréeën 2021 an 2022 bestallt, dann awer net ofgeholl?
4. Verschidde Bicher kann een sech gebraucht als Schüler bestellen. Wéi vill Prozent vun de Bicher ginn als gebrauchte Bicher dat Joer duerno weider verdeelt?
5. Kritt de Lëtzebuerger Staat Remisen vun de Librairien wéinst den groussen Quantiéiten u Bicher? Wa jo, wéi vill?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7113 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen

Ad 1)

Bis Mëtt November goufen 2.252 Chèques-livres ageléist, dat an engem Wäert vun insgesamt 51.274,65 €. D'Valeur vun engem Chèque-livres läit pro Akaf an der Moyenne bei 37,44 €.

Ad 2)

Am Total si bis Mëtt November 236.155 Bicher an engem Gesamtwäert vu 6.572.035 € iwwert de Gratuitéitsprogramm fir d'Vente vun den obligatoresche Schoulbicher finanzéiert ginn.

Ad 3)

Am Kader vun der Rentrée 2012-2022 goufen 1.148 Bicher an engem Gesamtwäert vun 37.974,50 € net bei de Librairen ofgeholl. Eng vergläichbar Zuel fir d'Rentrée 2022-2023 läit nach net vir.

Ad 4)

Dës Donnéeë sinn net erhuewe ginn.

Ad 5)

D'Margen am Schoulbuchgeschäft leie mat engem duerchschnëttleche Rabatt vun 20-25 % fir d'Librairen däitlech ënnert de soss übleche Remisen. Doriwwer eraus ass d'Remissiounsquot minimal (d'Remissiounsquot ass de Pourcentage vun de bestallte Bicher, déi de Libraire un d'Verlagshaiser an/oder un den Distributeur kann zeréckschécken). D'Librairë kënnen dem Ministère dowéinst keng Remisen op de Schoulbicher araumen.

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH